CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
Lëtzebuerg, den 3. Januar 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 JAN. 2020
1654

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft weiderzeleeden.

Den Arbechtsmoart ze Lëtzebuerg wiisst ëmmer méi. Fir a Lëtzebuerg kennen e Logement respektiv e Prêt op enger Bank zekreien, ass en CDI ( contrats à durée indéterminée ) eng Viraussetzung. Um Lëtzebuerger Arbechtsmoart sinn CDD ëmmer méi gefrot.

Aus dem Grond, well ech folgend Froen un den Minister fir Aarbecht , Beschäftegung an Sozial- an Solidarwirtschaft stellen:

- Wéi vill CDD ( contrats à durée déterminée ) sin déi lescht 24 Méint ze Lëtzebuerg ofgeschloss gin ?
- Wéi laang sinn déi CDD, déi maximal Dauer vun 24 Méint respektiv méi kuerz ? Wei gesäit déi Statistik iwwert déi lescht 10 Joer aus ?
- Gin Betriber déi systematesch op CDD zeréckgräifen , vun der ITM kontrolléiert, op dat keng definitiv Aarbechtsplaz misst sinn ?
- Wéi vill CDDen gëtt et pro Wirtschaftssecteur ?
- Wéi ass Verhältnis um Arbechtsmoart CDD ze CDI , iwwert déi lescht 10 Joer ?
- Wat plangt Regierung fir dass et manner CDD an méi CDI um Lëtzebuerger Arbechtsmoart gëtt, well den CDI Grondviraussetzung ass fir op eegenen Been zestoen?

Mat déiwem Respekt,

Marc Spautz
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 FEV. 2020

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**L-2450 LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 11 février 2020

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°1654 |

**Concerne : Question parlementaire N°1654 de l'honorable Député Marc Spautz**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Dan KERSCH**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentaresch Fro n°1654 vum honorablen Deputéierten Marc Spautz**

**Ad. 1 Wéi vill CDD (contrats à durée déterminée) sin déi lescht 24 Méint ze Lëtzebuerg ofgeschloss gin?**

Tëscht Januar 2017 an Januar 2019 sin et insgesamt 256.230 Rekrutementer hei zu Lëtzebuerg gin wouvun der 71.880 CDD waren (tableaux de bord sur les flux de main-d'œuvre publiés par l'IGSS).

**Ad. 2 Wéi laang sinn déi CDD, déi maximal Dauer vun 24 Méint respektiv méi kuerz? Wei gesait déi Statistik iwwert déi lescht 10 Joer aus?**

Donnéen virum Joer 2015 laien ons leider net vir.

Déi folgend Tabell weist soumat d'Opdeelung vun den Rekrutementer ab dem Joer 2015:

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 |
|---|---|---|---|---|
| < 1 Mount | 4.947 11% | 6.600 21% | 7.170 20% | 7.550 21% |
| 2-6 Méint | 16.214 37% | 16.620 52% | 18.220 51% | 19.210 52% |
| 7-12 Méint | 16.214 37% | 6.630 21% | 7.760 22% | 7.800 21% |
| >/= 12 Méint | 6.707 15% | 2.030 6% | 2.260 6% | 2.000 5% |
| Total | 44.082 | 31.880 | 35.410 | 36.560 |

**Ad. 3 Gin Betriber déi systematesch op CDD zeréckgraifen, vun der ITM kontrolléiert, op dat keng definitiv Aarbechtsplaz misst sin?**

Wann Verdachtsfäll bestin, dass Dispositiounen vum Code du travail net respektéiert gin, mëcht d'ITM déi néideg Kontrollen. Dat zielt och fir Dispositiounen déi CDD'en betreffen.

**Ad. 4 Wéi vill CDDen gëtt et pro Wirtschaftssecteur?**

Weder den Aarbechtsministär nach d'Inspection générale de la sécurité sociale kënnen Donnéen zu dëser Fro liwweren.

**Ad. 5 Wéi ass Verhältnis um Arbechtsmoart CDD ze CDI, iwwert déi lescht 10 Joer?**

Déi folgend Tabell weist d'Verhätnis vun den CDD'en par rapport zu den CDI'en vun 2009 bis 2019. D'Zuelen spigelen d'Situatioun vun Enn Mäerz vun den jeeweilege Joren erëm.

| Année | CDD | CDI | Pourcentage CDD |
|---|---|---|---|
| 2009 | 11.910 | 315.320 | 3,7% |
| 2010 | 13.910 | 316.060 | 4,3% |
| 2011 | 16.580 | 323.080 | 4,9% |
| 2012 | 15.360 | 333.990 | 4,4% |
| 2013 | 15.530 | 339.500 | 4,4% |
| 2014 | 17.150 | 346.220 | 4,8% |
| 2015 | 18.540 | 353.800 | 5,0% |
| 2016 | 19.590 | 362.860 | 5,2% |
| 2017 | 21.450 | 374.100 | 5,5% |
| 2018 | 22.900 | 387.710 | 5,6% |
| 2019 | 23.500 | 402.440 | 5,6% |

**Ad. 6 Wat plangt Regierung fir dass et manner CDD an méi CDI um Lëtzebuerger Arbechtsmoart gëtt, well den CDI Grondviraussetzung ass fir op eegenen Been zestoen?**

D'Regierung ass wéi den honorablen Deputéierten der Meenung, dass CDI'en d'Regel an CDD'en d'Ausnahm um lëtzebuerger Aarbechtsmaart solle blaiwen. Déi aktuell gesetzlech Dispositiounen gesin dofier vir, dass CDD'en nëmmen a limitéierte Fäll kënnen ofgeschloss gin (Artikel L. 122-1 vum Code du travail).

Et soll awer net verstoppt gin, dass et aktuell e gewëssene politeschen Drock gëtt fir dës Bestëmmungen ze änneren. Dat kënnt fir d'Regierung awer nëmmen a Fro, wann déi uewen ernimmten Grondregel garantéiert blaiwt. Fest Aarbechtskontrakter sin eng Grondviraussetzung fir an eiser Gesellschaft kënne nohalteg Fouss ze faassen an sech an senger Famill een dezent Liewen opzebauen. Dofier wäert d'Regierung keng Mesuren huelen, déi CDD'en zu engem Normalfall gi loossen. CDD'en sollen dorop beschränkt blaiwen fir de Lait a vum Gesetz festgehalenen Ausnahmefäll en éischte Kontakt mam Aarbechtsmaart ze erméiglechen an éischt Erfahrungswerter ze vermëttlen, an de Betriber an Noutsituatiounen entgéint ze kommen.

D'Regierung wäert, wéi an der Vergangenheet, Kontrollen vun der ITM bei Verdachtsfäll ordonnéieren. Déi konsequent a drastesch Opstockung vum Personal op der ITM wäert mat sech brengen, dass méi a besser Kontrollen kënne gemaach gin. Hei geet et och dorëms secher ze stellen, dass déi Betriber déi sech un d'Regelen haalen, net par rapport zu deenen Betriber benodeelegt gin déi dat net ëmmer maachen.

D'Gesetz vum 20. Juli 2017 (Loi du 20 juillet 2017 portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée) erlaabt et dem Aarbechtsminister d'Schaafung vu neien Aarbechtsplaazen fir Laangzaitchômeuren am staatlechen an parastaatleche Secteur finanziell ze ennerstëtzen. Doduerch gin d'Gemengen, d'établissements publics, d'sociétés d'impact sociétal, d'ASBLen, d'Fondatiounen sou wéi den Staat dozou motivéiert Langzaitchômeuren mat engem CDI anzestellen an hinnen soumat eng fest Aarbechtsplaaz unzebidden.